

# LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force

1/2002

Février  
42<sup>e</sup> année



# Nationalkongress

vun der Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme

Samschdeg, den 13. Abrëll 2002,  
zu Lëtzebuerg am Cercle-Gebai op der Place d'Armes,  
organiséiert vun den Enrôlés de Force, Sektioon Luxembourg-Ville.

## Programm: Vu 14.30 Auer un:

- Rassemblement vun den Delegéierten am Cercle-Gebai.
- Receptioun vun den Inviteeën an Delegéierte virum Festsall vum Cercle. Do ginn och d'Delegatiounen enregistréiert. (De Vestiaire steet ons zur Dispositioun).

## Um 14.30 Auer:

- Gedenkzeremonie mat Nidderleeë vu Blumme beim Monument de la Solidarité Nationale durch den Zentralkomitee an d'Stater Sektioon.

## Um 15.00 Auer:

- Ouverture duerch de Kongress-Präsident (Michel Behm)
- Musikalesch Astëmmung duerch d'Chorale Enfantine an d'Chorale des Jeunes du Conservatoire de Luxembourg, ënner der Direktioun vun der Madame Sylvie Serra-Jacobs.
- De Vertrieeder vun der Stater Sektioon begrüsst d'Gäsch.
- Den Nationalpräsident Jos. Weirich begrüsst d'Delegatiounen.
- De Generalsekretär Jim Bolmer presentéiert den Aktivitéitsbericht.
- Den Trésorier Emile Olsem mécht de Rapport iwwer d'Finanzen.
- Rapport vun de Keesserevisoren. Bestëmmen vun de Revisoren fir d'Jor 2002.
- Eventuell Froen a Kritiken zu de Rapporten.
- Bestëmmen vun der Uertschaft fir d'Organisatioun vum Kongress 2003.
- Diskussioun vun eventuelle Motiounen.
- Komplettéiere vum Comité Central.
- Auszuechnong vu verdéngschvolle Membere mam „Ruban, or & argent“.
- Referat vum Nationalpräsident Jos. Weirich iwwer aktuell Froen.
- Fräi Aussprooch / Diskussioun.
- Lescht Wuert vum Nationalpräsident.
- Usprooch vum Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, dem Här Paul Helminger.
- De Präsident vum Kongressbüro schléisst de Kongress of.
- Éierewäin, offréiert vun der Stater Gemeng.

## PARKGELEEËNHEET UM GLACIS:

Um ënneschten Deel vum Glacis gëtt et Parkméiglechkeete fir all déi vun auswäerts. Zweekstädtesch Busse stinn do gratis zur Verfügung ab 14.15 Auer. D'Kongressiste gi vun do bis bei d'Cercle-Gebai gefouert, an no der Assemblée op déi Plaz zréck gefouert.


Avis aux Amateurs!!!!

## Enrôlés de force. Victimes du nazisme

**D**at 20. Joerhonnert, dat elo schonn zwee Joer hannert eis läit, huet sech doduerch charakteriséiert, datt et vill Kricher kann huet, dorënner di mäerdereschst, den 1. an den 2. Weltkrich, déi zesummen 48 Milliounen Doudesaffer kascht hunn. An och am 21. Joerhonnert – d'Événement vum 11. September 2001 hunn dat däitlech gemaach – ass de Risiko vun internationale Konflikter a Kricher nach laang net aus der Welt geschaaft.

D'Lëtzebuurger hunn am 2. Weltkrich vill misse matmaachen – ech denken hei virum allem un déi Leit, déi hiert Liewe gelooss hunn, fir onst Land vum Terrorregime ze befreien, awer och un all déi, déi ënnert der Nazi-Diktatur ze leiden haten. Besonnesch schlëmm war et fir déi Familien, vun deenen een oder méi Memberen an d'Wehrmacht zwangsagezu goufen – vill vun hinnen hunn hir Famill an hir Heemecht ni méi erëmgessinn.

All déi Leit, déi hiert Liewe gelooss hunn, well se sech géint den Naziregime gewiert hunn, grad wéi all déi, iwwer déi onwahrscheinlech Leed eragebrach ass, sief et duerch Émsidlung, Deportatioun oder well si Familljemembere verluer hunn, si all verdéngen eis déifsten Unerkennung an eise Respekt. Si si Virbillen fir déi Generatiounen, déi no eis kommen. Et ass d'Aufgab vun all deenen, déi dës schrecklech Zäit matgemaach hunn, deenen, déi no hinne kommen, de Message mat op de Wee ze ginn, datt déi Wäerter op



déi eis Demokratien opgebaut sinn, net selbstverständlech sinn, mee datt ee sech permanent muss dofir asetzen.

Am Numm vun der Stad Lëtzebuerg wëll ech un all déi Leit erënnere, déi ënnert dem Nazijoch gelidden hunn, haaptsächlech och un déi, déi eis d'lescht Joer verlooss hunn.

D'Erënnung muss waakreg bleiwen a fir datt dat geschitt, muss se un déi Generatiounen, déi de

Krich net materlieft hunn, an un all déi, déi nach kommen, weidergereecht ginn. Associatiounen wéi Är leeschten e wichtege Bäitrag heizou. Och d'Ouverture den 23. Oktober 2001 vum „Centre national de recherche de la résistance“ an och d'zukünfteg Gesetz, dat en „Comité directeur du souvenir de la résistance“ schafe soll, si wichtege Elementer, déi hëllef wäerten, d'Erënnung z'erhalen.

Der Sektioon Stad Lëtzebuerg vun der „Association des enrôlés de force. Victimes du nazisme“, déi den Nationalkongress vun den Zwangsrekrutéierten 2002 am Stater Cercle organiséiert, soen ech am Numm vun der Stad e grouse Merci fir hiren Asaz an all déi Aarbecht, déi si an der Vergaangenheet geleescht huet. Ech sinn iwwerzeegt, datt den Nationalkongress 2002 e grouse Succès gëtt. ■

**M. Paul Helminger**

*Bourgmestre de la ville de Luxembourg*



Hollerech-Gare, den 8. Oktober 2001, de Comité Lëtzebuerg-Stad vun den Zwangsrekrutéierten virum „Monument National de la Déportation“. Vu l. no r.: E. Steffen, L. Franssens, P. Georges, R. Magar, J. Olinger, G. Gangolf, P. Rassel, M. Deltgen, M. Grethen, M. Behm. Op der Foto feelt d’Rosy Molitor, si konnt krankheetshalber net derbäi sinn.

**A**ls President an am Numm vum Comité vun der Stater Sektoun vun den „Enrôlés de force“ wëll ech der Fédératioun merci soen, datt mir dëst Joer mat der nobeler Charge beëiert goufen, den Nationalkongress 2002 vun den Zwangsrekrutéierten an der Stad ze organiséieren.

De Landeskongress gëtt am „Cercle municipal“ ofgehalen. De Buergermeeschter vun der Stad, den Här Paul Helminger, a seng Equipe hunn äis frëndlecherweis de grouse Sall zur Dispositioun gestallt an hunn äis mat hirem Know-how och vill bei der Organisatioun gehollef. Mir sinn hinnen een häerzlechen Dank schëlleg.

D’Direktioun vum Conservatoire ass äis och entgéintkomm. Den Här Paul Mootz huet et méiglech gemaacht, datt de Kanner- a Jugendchouer ënnert der Leedung vun der Dirigentin, der Madame Sylvie Serra-Jacobs, fir de musikaleschen Deel suergt. Och hinne steet ee grouse Merci zou.



René Magar

An eiser Fonktioun als Organisator heesche mir eis Éiergäscht, den Zentralvirstand vun der „Association des enrôlés de force“ an d’Delegatiounen vun den eenzelne Sektounen aus dem ganze Land an de Mauere vun der Stad ganz häerzlech wëllkomm. Eis Gäscht bewiesen duerch hir Presenz, datt si

Undeel un de Problemer vun den Zwangsrekrutéierten huelen. Problemer, déi jo net nëmme materieller Natur sinn, virun allem awer gesondheetlecher. Wéi vill vun eise Komerode leiden dach haut nach un de Folge vun hire Verwonnungen an de Strapaze vum Krich. Déi psychesch Schied si jo dacks méi uerg gewiescht wéi déi physesch.

Ofschléissend wëll ech nach drop hiweisen, datt eng vun den Hauptverpflichtunge vun der Associatioun déi ass, d’Erënnerong un eis gefalen oder vermësste Komerode waakreg ze halen, déi jo d’Gléck net haten, mat äis heemzekommen. Déi elo scho méi wéi fofzeg Joer a Russland, oder wie weess wou, a friemem Buedem hir Rou fonnt hunn. Et ass och eis Pflicht derfir ze suergen, datt dat Onrecht, dat eiser Generatioun widderfuer ass, sech net méi widderhuele kann.

An deem Sënn wëll ech dem Landeskongress ee vollen Erfolleg wënschen. ■ René Magar



Fuendelwei de 15. März 1992 an der Zéissenger Kierch. De Komerod Marcel Grethen présentéiert de neie Fuendel.



D’Märei vun der Stad Lëtzebuerg.

# D'SEKTION LËTZEBUERG-STAD VUN DEN ZWANGSREKRUTÉIERTE STELLT SECH VIR

## De Komitee:

President: Magar René

Vizepresident: Behm Misch

Sekretär a Keessier: Deltgen Mimy

## Memberen:

Franssens Léon

Gangolf Gilberte

Goerges Pauline

Grethen Marcel

Molitor Rosy

Olinger Jean

Rassel Pierre

Steffen Emil

MERSCH Jacques

REISDORFFER Jean

CONTER Albert

KRECKY J.-P

STEICHEN Ernest

FRASCHT René

FRISCH André

DIDIER René

RASSEL Pierre

MAGAR René.

Duerch onglécklech Ëmstänn haten d'Activitéiten an der Sektoun an den achtzeger Jore staark nogeloo, ouni awer ganz opzehalen.

No enger Paus vu sechs Joer huet d'Sektoun an der Generalversammlung vum 16. Februar 1991 am Hôtel Nobilis an a Présence vum Zentralvirstand neien Opdriff kritt. De Komitee gouf deemools och nei gewielt.

Op der Austrëttsléscht stoungen: Pierre Frieden, Rose Molitor, Alphonse New, Pierre Rassel, Josée Reeff-Noël, Raymond Ries an Ernest Steichen. Si sinn alle siwen erëmgewielt ginn, als Aachte koum de René Didier derbäi. Als Keesserevisseure goufen d'Melanie Flammang an de Pierre Scheer an hirer Fonktioun konfirméiert, den Albert Conter ass nei derbäi gewielt ginn.

An dëser Versammlung gouf och matgedeelt, datt deen ale Fändel säin Déngscht geleescht hätt an duerch een neien ersat géif ginn. Deen neie Fändel, deen drëtten an der Rei, war eng getrei Copie vum deem vu virdrunn, en ass vum René Molitor gezeecht a gouf vum de Schwëstere vum Carmel mat vill Léift a Gedold vun Hand gebutt a gestéckt.

De 15. Mäerz 1992 war et esou wäit, d'Fändelwei war an der Zéis-

senger Kierch. De Fändel, als Symbol vun der Verbonnenheet a vu Komerodschaft, gouf vun eisem Komerod, dem Abbé Michel Behm, ageseent. Hie gouf dobäi vum Abbé Fernand Moschen, Paschtouer vun Zéisseng, a vum Prof. Abbé Jacques Ludwig, assistéiert.

No der Zeremonie huet den deemolege President vun der Stater Sektoun, de René Didier, an de Vizepresident, Pierre Rassel, dem Fändelsdréier, dem Marcel Grethen, deen neie Fändel uvertraut.

D'Stater Sektoun, als „Porte-Drapeau“ vun der „Ligue ons Jongen“, hat senger Zäit d'Charge iwweholl, d'Associatioun vun den Enrôlés de force mat enger Delegation a mam Fändel bei de patriotische Manifestatiounen ze verrieden. An et war de Komerod Marcel Grethen, dee méi wéi 40 Joer laang als Fändelsdréier aktiv war, ëmmer present, wann hie gebraucht gouf. D'viregt Joer, am Joer 2000, huet de Marcel misse krankheetshalber de Fändel ofginn. De Marcel verdéngt allgemeng Unerkennung fir säin Asaz. Neie Fändelsdréier ass elo den Henri Niederkorn vun Zéisseng, dee frëndlecherweis bereet war, dës Charge ze iwwehuelen.

Als Keesserevisseur wëlle mer de Pierre Scheer ernimmen, deen och jorelaang gewëssenhaft an zur vollsten Zefriddenheet d'Keess ëmmer erëm gepréift huet. Och hie verdéngt ee grouse Merci fir seng fräiwëlleg an oneegennëtzeg Hëllef.

D'Stater Sektoun ass um gudde Wee, hoffe mir, datt si och an deene Joren, déi elo kommen, esou weidermécht. ■

De Komitee

Les Sacrifiés 1/2002

# DIE HAUPTSTADT LUXEMBURG

80 000 Einwohner (Agglomeration 125 000 Einwohner).

Höhe: 230 - 408 Meter.

Die Hauptstadt des Großherzogtums wurde um 963 gegründet. Sie ist Regierungssitz und offizielle Residenz des Großherzogs. Seit der Gründung der „Europäischen Gemeinschaft für Kohle und Stahl (EGKS)“ im Jahre 1952 in Luxemburg wurden hier zahlreiche europäische Behörden angesiedelt, u.a. der Europäische Gerichtshof, der Europäische Rechnungshof, das Generalsekretariat des Europaparlaments, die Europäische Investitionsbank und mehrere Verwaltungsabteilungen der EU-Kommission.

Prädestiniert für die Rolle als eine der „Europahauptstädte“ ist Luxemburg nicht nur durch die zentrale geographische Lage im Herzen Europas, sondern auch durch die Vielsprachigkeit seiner Bewohner: Neben der inzwischen offiziellen Nationalsprache Luxemburgisch gelten Französisch und Deutsch als weitere Amtssprachen. In den letzten 20 Jahren hat sich Luxemburg außerdem zu einem bedeutenden Finanzzentrum mit rund 250 Bankinstituten entwickelt. Diese internationale Bedeutung verleiht der Stadt auch das für ihre Größe erstaunliche kosmopolitische Flair. Trotz dieser intensiven politischen und wirtschaftlichen Entwicklungen hat die Stadt eine gewisse Beschaulichkeit erhalten; die ausgedehnten Grünanlagen im Petrußtal und im Stadtpark sowie das fast vollständig zur Fußgängerzone umgebaute historische Stadtzentrum bieten dem Besucher Erholung, kulturelles Erlebnis und gemütliches Shopping.

Die geschichtliche Bedeutung Luxemburgs reicht bis in die Zeit der Römer zurück. In der Nähe des heutigen Fischmarktes, wo sich zwei wichtige Römerstraßen kreuzten, wurde im 4. Jahrhundert ein Wach- und Beobachtungsturm errichtet. Auch Graf Siegfried erkannte Mitte des 10. Jahrhunderts den strategischen Wert des Ortes und erbaute auf dem Bockfelsen die „Lucilinburhuc“, die der Stadt ihren Namen gab. Während der folgenden Jahrhunderte wurde die Burg immer weiter ausgebaut; es entstanden mehrere Ringmauern, viele Tor- und Wehrtürme, die unterirdischen Kasematten sowie zahlreiche Bastionen und Forts. Nach dem Ausbau der Wehranlagen durch den französischen Baumeister Vauban zu einer der mächtigsten Festungen Europas bezeichnete man Luxemburg auch als „Gibraltar des Nordens“. Ein historisches Modell der Festung von 1804 kann im Rathskeller (rue du Curé) besichtigt werden. Zwischen 1867 und 1883 wurden laut Beschluss des Londoner Kongresses weite Teile der Festung geschleift. Die dadurch entstandenen Freiflächen erlaubten in der Folge die Ausdehnung der Stadt und ein rasches Ansteigen der Bevölkerungszahl.

Die Ausgrabungen der „Lucilinburhuc“ am Bockfelsen, die Altstadt Luxemburgs, die Kasematten und die Überreste der Festungsanlagen wurden 1994 von der Unesco in die Liste des Welterbes aufgenommen und können bei einem ausgedehnten Spaziergang oder während einer Stadtrundfahrt besichtigt werden. Verschiedene Gebäude in der Alt-

stadt verdienen dabei besondere Aufmerksamkeit: der Großherzogliche Palast mit seiner Renaissancefassade (1574), die Kathedrale „Notre-Dame“ aus dem 17. Jahrhundert sowie zahlreiche Häuser im Regierungsviertel und am Fischmarkt. Über den sogenannten „Wenzel-Rundweg“ erreicht man des Weiteren das sehenswerte Rhamplateau (altes Stadttor (1590) und Militärkasernen aus der Zeit Vaubans) sowie den malerischen Stadtteil „Grund“ mit seinen mittelalterlichen Häusern an den Ufern der Alzette.

Im Stadtteil Kirchberg, den modernen Gebäuden des Europa-Viertels vorgelagert, ist das ehemalige Fort Thüngen (18. Jh.) eine Besichtigung wert. Die drei erhaltenen runden Türme, „Drei Eicheln“ genannt, und die 1991 wieder freigelegten Grundmauern des alten Forts geben einen guten Eindruck von der Mächtigkeit der einstigen Festung. Rundgang Vauban, welcher den Namen des berühmten Ingenieur Sébastien le Prestre de Vauban (1633-1707) trägt, verläuft zum Teil durch die Festung des 17-19 Jh., vom Pfaffenthal bis zum Kirchberg, mit dem Fort Thüngen. ■

Auszug aus „Urlaub und Freizeit“, Herausgeber: Office national du tourisme Luxembourg

Les Sacrifiés 1/2002



Plakette an der Kathedral

## Oktavmass vun den Enrôlés de force

**D**éi traditionell Mass fir déi gefalen, verméssten an all ze fréi verstuerwen Zwangsrekrutéiert ass en Donneschdeg, de **25. Abrëll, ëm 11 Auer**. Wéins dem aussergewöhnlech groussen Undrang, an

der Onméiglechkeet vum Kathedral-Uerdnungsdingescht, déi éischt Reie fir d'Komiteeën an d'Participanten um Pilger-Cortège: Gëlle Fra an d'Kathedral hannert de Fuendelen ze reservéieren, bedauert de Federa-

tionskomitee, dëse Pilger-Cortège missen ofzeschaffen.

**Rendez-vous vun de Fuendelsdréier an der Entrée vun der Kathedral, a si gi geschlossen op hir reservéiert Plazen.**



# „Zu Lëtzebuerg stong d'Sigfriidsschlass“



Luxemburgs Ahnfrau, die Alzettenymphe Melusina (Schnitt von Aug. Trémont)

Auf steilem Fels mit Turm und Tor  
Hoch strebt ein steinern Wunder empor:  
Rundum und tief in funkelnder Pracht  
Wölbt sich die Mond- und Sternennacht.

Die Siegfriedsburg im Strahlenmeer  
Wie ragt sie stark als Heim und Wehr!  
Die wird bis in die fernsten Zeiten  
Einen tröstlichen Glanz verbreiten.

Im sichern Grund, wo Weiden wehn,  
Schon dicht und dichter die Häuser stehn  
Unter Brücken, zwischen Damm und Hag  
Friedlich walt die Alzet durch,  
Es ahnt das Herz mit frohem Schlag  
Ein schönes, freies Luxemburg.

(Aus dem Vaterländischen Weihegesang von Nik. Welter, 1936)  
Aus „Sagenumrankte Heimatburgen“ von Jean Haan.

# Politik fir déi Al – sou net!

## RÉCKSCHRÉTT STATT FORTSCHRÉTT

**K**onventionne gi geschriwwen, awer nëmmen deelweis agehalen. Dagdeeglech gëtt ons Sektoun mat dësem Problem konfrontéiert. Mir wëssen alleguer, datt ons traditionell Parteien, an déi bis dato gewielte Regierungen, Jore brauchen, fir hir Äer auszebréien. Ee vu ville Beispiller betrëfft ee Komerod a pensionéierte Schoulmeeschter. Den Diddelenger Spidol huet sech als net zoustänneg erklärt, well d'Alzheimer keng Krankheet wär. No Woche laangem Hin an Hier huet de Spidol hien opgeholl, no kuerzer Zäit war de Komerod am Spidol, trotz senger kranker Fra, déi virun enger Operatioun steet onerwünscht. Nodeems ech dem Administrateur vum Spidol, den 28. Januar 2002, dësen „cas de rigueur“ virgedroen hat, huet hie mir versprach, dem zoustännegen Dokter, dës Doléancen virzedroen.

Den 30. Januar 2002, um 16.15 Auer, hat ech mat der Madame Hemmen, déi zoustänneg Persoun fir d'Placéiere vun de Flegefäll, een Diskur. No dësem Gespréich hunn ech konstatéiert, datt d'Madame Hemmen trotz hirem Asaz net hëllef konnt, well et un Zëmmer gefeelt huet. D'Madame Hemmen konnt mir awer versprechen, dëst Trauerspill mat Prioritéit ze behandelen. Dat beweist erëm, datt d'Politiker beim Problem Alters- a Flegepolitik total versot hunn, an datt am Paradies Lëtzebuerg viles net an Uerdnung ass, an déi eeler Leit net méi vill zielen. Duerfir wielt an Ärem Intérêt nëmme Parteien, déi eeler Leit op hire Lëschten hunn.

Den 18. Dezember 1997 hat d'Sektoun Diddeleng an engem Bréif dem Schäfferot Folgendes proposéiert. Déi Krank am Spidol, déi Flegebedürfteg, sinn resp. ginn, fir eng Iwwergangszäit an déi net bewunnte Villa vum fréieren Dokter Nikels ënnerzebréngen, bis d'Iwwerweisung an ee Flegeheim fälleg wär.

De 5. Januar 1998 d'Äntwert vun der Spidolskommissioun: („Dans les prochaines années une nouvelle structure permettra sûrement de résoudre maints problèmes connus actuellement par votre association“). Eng Äntwert ass och keng Äntwert.

Mir ginn dem Här Marc Zanussi Recht an ënnerstëtzen hien a sengen Äntwerte vum Abrëll 1999, d'ass nëmme Schued, datt hie sech net méi fir seng Äntwerten engagéiert hat resp. huet. „Der physischen Gewalt begegnen alte Mitbürger in gleichem Maße zu Hause wie in Alters- oder Pflegeheimen. Verantwortlich sind Familienangehörige, gute Bekannte und Teile des Pflegepersonals. Diese Akte umfassen einen absichtlichen körperlichen Kontakt: Ohrfeigen, Schläge, Stöße. Zu dieser Art von Gewalt gehören auch die Verabreichung von Medikamenten („fir seng Rou ze hunn“). Obwohl die eine Studie die Situation der zu Hause lebenden Alten untersucht, und die andere die Lage der Alten in Heimen analysiert, ergeben sich keine signifikanten Unterschiede. In beiden Bereichen gilt die goldene Regel des Verschweigens. Der alte Mitbürger schweigt aus Angst vor Repressalien. In den Heimen missbilligt das Personal jede Form der „Denunzierung“ eines Kollegen.

Das beweist, dass es im Leben vieler alter Menschen Probleme gibt, die nicht unter den Teppich gefegt werden dürfen. Die Verantwortlichen für das dritte Alter sollten reagieren und handeln, jetzt!“

Mir hu scho laang op déi skandaléis Zoustänn an Doléancen higewisen an onparteesch Kontrolle gefrot, zesumme gesat aus Zwangsrekrutéierten an der Amiperas (wéindegstens 60 Joer). Nëmme esou kënne mir verhënneren, datt mir ëmmer méi eng Kommunitéit vun Ignoranten (Weggucker) a Feiglinge ginn. Wann déi Drogenohängeg mat Milliounen vun Euroen opgepappelt solle ginn, da kënne mir och verlaangen, datt déi eeler Generatiounen, och am Alter, Ursproch op ee mënschewierdegt Liewen huet, dozou gehéiere speziell déi Generatiounen, déi ëmmer mat Versprechen an eidel Wierder belount goufen, déi Generatiounen, déi d'Fräiheet, d'Onofhängegkeet, d'Demokratie an de Wuelstand erkämpft hunn. Wehe, wann dat enormt Polferfaass explodéiert. ■

**Jos BENOIT**

Sekretär vun der Sektoun Diddeleng

Parteilose Member vun der „Commission consultative“ vum drëtten Alter an der Gemeng Diddeleng

## IN PACE

### SEKTIOUN DIDDELENG

D'Sektioun Diddeleng am Trauer.

**6.2.2001**

† **AUBART-LENTZ HÉLÈNE MME**

**14.2.2001**

† **BOLY JACQUES**

**21.3.2001**

† **HAAS FÉLIX**

**28.6.2001**

† **BENOÎT-REUTER ANNI MME**

**11.10.2001**

† **KELSEN EDOUARD**

**31.10.2001**

† **WEIS-HILBERT JOSÉPHINE MME**

**12.11.2001**

† **KIEFFER JOS**

D'Zwangsrekrutéiert an d'Survivants denken ëmmer un lech.

### SEKTIOUN LËTZEBOURG-STAD

D'Enrôlés de force, victimes du Nazisme, Sektioun Lëtzebuerg-Stad, trauern ëm hir gutt an trei Komeroden, déi am Joer 2001 verstuerwe sinn:

**KLEPPER ALBERT**

**WEBER ROBERT**

**THOME RENÉ**

**BALANCE FRANÇOIS**

**NEW ALPHONSE**

**ORIGER JEAN**

**KRIEPS MICHEL**

**CONTER ALBERT**

D'Komerodinnen an d'Komerode behale si ëmmer a gudder Erënnerung a vergiesse si net.

### SEKTIOUN SUD-OUEST

D'Sektioun Sud-Ouest gedenkt hirer verstuerwener Membren a Frënn, déi si am leschte Joer verlooss hunn:

**LEMMER NICOLAS**

**20.2.2001**

**GAASCH JEAN**

**4.3.2001**

**HOELTGEN LUCIE MME**

**18.10.2001**

**SCHMIT FRANÇOISE MME**

**31.10.2001**

Mir wäerten Äert Udenken an Éieren halen!

### SEKTIOUN SCHIEREN

D'Amicale vun den Enrôlés de force, Sektioun Schieren, ass am Trauer fir d'Komeroden, déi si fir ëmmer verlooss hunn:

**WAGNER CAMILLE**

**20. SEPTEMBER 2001**

**80 JOER**

**KIRSCH FÉLIX**

**17. JANUAR 2002**

**81 JOER**

Mir behale si a gudder Erënnerung an drécken hire Familljen eist häerzlechst Matgefill aus.

Schloft am Fridden, mir vergiesse lech net.



**GUIRSCH RENÉ**

**28.7.1918 – 5.1.2002**

dékoréiert mam Ruban en or avec palmettes

Merci, René, fir alles, wat s du fir d'Enrôlés de force am Krich gelescht hues. Mat Wierder kann een dat net ausdrécken. Au revoir, René!

### SEKTIOUN WALFER

D'Amicale vun den Enrôlés de force Walfer ass am Trauer fir hir Komeroden, déi si am Joer 2001 fir ëmmer verlooss hunn:

**MERKELS WILLY**

**WATRY ROGER**

**ELSEN J.P.**

Mir vergiesse lech net!

### SEKTIOUN PÉITENG

Mir trauern ëm eise Komerod, deen äis am Joer 2001 fir ëmmer verlooss huet:

**DE FAUST RENÉ**

**75 JOER**

**GESTUERWEN DEN**

**23.2.2001**

Mir behale souwuel hien wéi och all eis aner Komerodinnen a Komeroden, déi gefall, vermësst oder an all deene vergaangene Jore verstuerwe sinn, a beschter Erënnerung.



D'Fédératioun vun den Zwangsrekrutéierten trauert ëm hire Komerod

**JULIEN REUTER**

Member vum Fédératiouns- an Zentralkomitee dekoréiert mam Ruban en or

Julien, mir behalen dech a beschter Erënnerung.



## Zwangsrekrutierte unterstützen „Association Luxembourg Alzheimer“

**A**m vergangen 6. Februar waren Vertreter der Alzheimer Vereinigung im Verbandssitz im Memorial de la Déportation im Bahnhof Hollerich eingeladen, um zwei Schecks in Höhe von rund 1000 Euro in Empfang zu nehmen. Präsident Jos Weirich erklärte, dass dieses Geld von zwei verschiedenen Kollekten zusammen gebracht wurde, zum einen aus der Kollekte der Journée commémorative am 9. September 2001, zum anderen aus Kollekten der Gruppe „Liberatioun aus russescher Gefaangenschaft 7. Dezember 1945“, der

letzten großen Gruppe von 183 Jungen, die am 7. Dezember 1945 in Luxemburg-Bahnhof eintraf. Die Spenden sind gedacht zur Unterstützung der Alzheimerkranken, die finanziell stark auf private Initiativen angewiesen sind.

Paul Diederich, Präsident der „Association Luxembourg Alzheimer“ nahm die Spende mit großem Dank entgegen. Er erläuterte kurz die Aufgaben seiner Vereinigung.


Die Zahl der geistig verwirrten Menschen nehme leider stetig zu. Zurzeit beschäftigt die Vereinigung 51 Angestellte, die sich ihrer zeitin-

tensiven Arbeit in fünf Tagesstätten widmen. Neben der Pflege bietet „Luxembourg Alzheimer“ Beratung, Unterstützung und Information für Betroffene und Angehörige an. Auch helfe sie bei Antragstellungen und vermittele Dienste oder Aufenthalte in Pflegeheimen. Außerdem würden Selbsthilfegruppen und Kursprogramme für pflegende Angehörige organisiert.

Paul Diederich bedauerte abschließend, dass das Zusammenleben von gesunden und kranken älteren Menschen sich immer schwieriger gestalte. ■

## Sommaire

Nationalkongress vun der Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme.....	2
Préface Paul Helminger.....	3
Préface René Magar.....	4
D'Sektioun Lëtzebuerg-Stad vun den Zwangsrekrutéierte stellt sech vir.....	6
Die Hauptstadt Luxemburg.....	7
Oktavmass vun den Enrôlés de force.....	9
„Zu Lëtzebuerg stong d'Sigfriedsschlass“.....	10
Politik fir déi Al - sou net!.....	11
In Pace.....	12
Zwangsrekrutierte unterstützen „Association Luxembourg Alzheimer“.....	13



Wer sich auf diesem Bild erkennt,  
soll sich bitte in Verbindung  
setzen mit:

Lentz Will  
5, Duerfstrooss  
L-9674 Nocher  
Tel. 95 87 90

Mai-Juni 1943: Ausbildung in Dünaburg, Lettland.

## AUS EISER AGENDA

- **Mëttwoch, den 13. März 2002:** Generalversammlung vun der Sektioun Lëtzebuerg, am Café-Théâtre Albert Mousel nieft dem Kapuzinertheater um 15 Auer.
- **15. März 2002:** Enrôlés de force, victimes du nazisme, Sektioun Steesel, Generalversammlung zu Steesel.
- **23. März 2002:** Rendez-vous vun de Komeroden aus dem Archipel Goulag, Nijni-Taguil am Hôtel St-Nicolas zu Réimech.
- **13. Abrëll 2002:** Kongress vun der Association des enrôlés de force, victimes du nazisme zu Lëtzebuerg am Cercle-Gebai.
- **25. Abrëll 2002:** Oktavmass vun allen Enrôlés de force an der Kathedral.
- **28. Abrëll 2002:** No der Muttergottes-Prozessioun géint 16 Auer ass zu Cliärref beim GI-Denkmal eng Gedenkzeremonie duerch d'Fédératioun an d'Enrôlés de force, Sektioun Nord Cliärref.
- **5. Mee 2002:** Schlussprozessioun vun der Oktav.
- **11. Mee 2002:** Convéniat de l'Amicale Gembitz-Deutschwalde à Remich.

10 heures en l'église paroissiale. Assemblée à l'Hôtel St-Nicolas à Remich.

- **8. September 2002:** Journée commémorative vun den Enrôlés de force, victimes du nazisme an der Stad.
- **9. November 2002:** Journée commémorative a Generalversammlung vun den Tambower.
- **7. Dezember 2002:** Journée commémorative Libératioun aus russischer Gefaangeschaft 7. Dezember 1945.
- **26. Dezember 2002:** Commémoratiounsmass mat Blummennidderleeën zu Diddeleng.

## Voeux de Nouvel An

*Vill Gléck am neie Joer  
an eng gutt Gesondheet!*

### SUITE

#### ► SEKTIOUN GRÉIWEMAACHER

ACHTEN-GORGES M. Mme, Gréiwemaacher  
ALBERT-HOFFMANN Mme, Miechtem  
BASTIAN-STEICHEN P. & Mme, Gréiwemaacher  
BEFORT-LENTZ J.-P. & Mme, Gréiwemaacher  
BIWER-COLBACH Joseph Mme, Uewerdonven  
BUSCHMANN-HOFFMANN & Mme, Gréiwemaacher  
DEBROEK-THEIS Christine Mme, Bréissel  
DOHM-SAUBER Roger Mme, Gréiwemaacher  
DUHR-MEYER Albert & Mme, Gréiwemaacher  
FABER-WIES Mathilde Mme, Gréiwemaacher  
FERRING Félix & Mme, Nidderdonven  
FISCHER Jean & Mme, Uewerdonven  
FUSENIG-HELFFEN Lily Mme, Gréiwemaacher  
GEORGES-PUTZ Marcel & Mme, Gréiwemaacher  
HEIN-SCHOMER Eugène Mme, Miechtem  
HERBER-WAGNER M. Mme, Gréiwemaacher  
HOCHWEILER-GELHAUSEN Mme, Gréiwemaacher  
JAGER-BERENS Paul & Mme, Gréiwemaacher  
KAYSER-LUGEN Marcel & Mme, Gréiwemaacher  
LENTZ-SCHOU Léonie Mme, Gréiwemaacher  
MAY-STEINMETZ Denis & Mme, Gréiwemaacher  
MULLER-SCHNEIDER F. & Mme, Miechtem  
MULLER-MORITZ Christine Mme, Gréiwemaacher  
PAULUS-HERTZIG Théd & Mme, Gréiwemaacher  
REDING Adolphe & Mme, Menjecker  
REULAND-SCHOCK M. Mme, Gréiwemaacher  
RIES Antoine, Nidderdonven  
SCHMIT Anny Mme, Gréiwemaacher  
SCHUSTER-HIERONYMUS & Mme, Gréiwemaacher  
SERTZNIG René, Gréiwemaacher  
STRENG-MODERT Will & Mme, Manternach  
THILL-WEYER Louis Mme, Manternach  
WEBER Raymond Dr., Gréiwemaacher  
WELSCH-POOS Triny Mme, Gréiwemaacher  
WEYER-FUNCK A. & Mme, Gréiwemaacher  
WOLTER René Dr. & Mme, Lëtzebuerg

#### ► SEKTIOUN HESPER

FOX-HOSS Josephine Mme, Hesper  
GOUBER Monique Mme, Alzeng  
JOME-LOUIS Alice Mme, Fenteng  
LINDEN André, Hesper  
NESTGEN Robert, Izeg  
SCHMIT-ROSS Robert, Houwald  
RINNEN Emile, Houwald  
RONCK-SCHEUER Léon, Hesper  
WEBER Albert, Hesper

#### ► SEKTIOUN IECHTERNACH

STEINMETZ-FOUHRMANN Aloyse & Mme, Iechternach  
WAGNER-HEINTZEN Ernest, Iechternach

#### ► SEKTIOUN JONGLËNSTER

FRIEDEN-KRACK Cécile Mme, Roudebour  
GANSEN Marcel & Mme, Boudler  
GOEBEL-HILBERT Anne Mme, Biwer  
GOUBER Monique Mme, Alzeng  
KRAUS-GROFF Albertine Mme, Recken/Miersch  
LAUER Rudi & Mme, Wecker  
LEMMER-JAEGER Justine Mme, Biwer  
MATHES Emile, Mensdref  
NEUENS Jean-Pierre, Senningerbiérg  
POOS-SCHROEDER Delphine Mme, Berbuerg  
RESCH François & Mme, Jonglënster  
RONKAR-STEIL Anne Mme, Kanech  
SANTER Emile & Mme, Gonnereng  
SCHILTZ-GOTTAL Mme, Mensdref  
SCHMIT Alphonse & Mme, Noumer  
SCHULLER Jean-Pierre & Mme, Jonglënster  
SCHUSTER Victor, Grolënster  
THEISEN-MESENBURG Emile & Mme, Lëtzebuerg  
THOMAS-FINK Suzanne Mme, Beyren  
WAGNER-ZEIMET Léonie Mme, Berbuerg

#### Rektifikatioun aus Nr. 6/2001

- Bei der SEKTIOUN SUD-OUEST ass ze verbesseren: GLODT Alice Mme, Péiteng, statt Nidderkäerjeng
  - Bei der SEKTIOUN SIMMER ze verbesseren: WILHELM-ROTH J.-Pierre & Mme, Bungeref, statt Lëtzebuerg
  - Bei der SEKTIOUN KÄL-TÉITENG soll et heeschen: BECKIUS Léon, Käl  
BECKIUS-KEISER Liette Mme, Käl
- D'Redaktioun entschëllegt sech!**

## Diddelenger Amicale vun den Enrôlés de force

### Expositioun 1940 bis elo

an der Annexe vum Stadhaus zu Diddeleng  
Eng Expo mat historeschen Dokumentatiounen,  
sief et Fotoën, Bréiwer, Schrëftstécker,  
Propaganda- a Krichsmaterial.

D'Ausstellung ass all Donneschdeg op  
vun 9 bis 11.30 Auer, an op Rendez-vous,  
Tel. 51 17 17, 51 43 89, 51 24 91

Den Expositiounsprogramm vun den Diddelenger  
„Enrôlés de force“ ass och am Internet:

[www.dudelange.lu](http://www.dudelange.lu)

La Ville – Histoire – Expo: Enrôlés de force  
Jos Benoit, Gérard





*D'Cercle-Gebäi, wou den 13. Abrëll 2002 den Nationalkongress  
vun der Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme  
ofgehalen gëtt.*

© Photothèque de la ville de Luxembourg

**Fédération des victimes du nazisme, enrôlés de force**, association sans but lucratif –

Siège: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, **boîte postale 2415, L-1024 Luxembourg,**  
**CCP 31329-95 – Dexia-BIL: 5-217/4546**

**Rédaction du bulletin bimestriel: «Les sacrifiés», c/o Norbert Melcher**

1, Wisegässel, L-7333 Steesel, Tél. 33 60 30

**Distribution du bulletin «Les Sacrifiés»: Jules Giersch**

14A, rue de Sélange, L-4965 Clemency, tél.: 50 21 37

**Service social aux Enrôlés de force:** 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, tél. 48 32 32.

**L'Amicale des anciens de Tambow**, secrétariat: L-8378 Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, CCP 24007-48, tél. 39 60 39

**L'Association des Enrôlés de force, victimes du nazisme,**

secrétariat: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg,  
boîte postale 2115, L-1024 Luxembourg, CCP 31324-90

**Association des survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l.,** siège: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg.

La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 11, rue de Moutfort, L-5355 Oetrange, tél. 35 00 14

**Impression:** saint-paul luxembourg